Gewerkschaft
vum Gemengepersonal

FGFC
Pour une fonction publique d'aujourd'hui

Communiqué de presse

66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg
Tél.: 40 77 20-1
Fax: 40 77 20-40
fgfc@fgfc.lu
www.fgfc.lu

Géint d'Privatiséierung vun der ëffentlecher Sécherheet!

D'Sécherheet am ëffentleche kommunale Raum ass zanter Joren en drénglecht Thema. De Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg ass net deen éischte kommunale Patron, deen op eng privat Sécherheetsfirma zréck gräift, fir d'Police an hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen. Dëst ass a bleift eng Bankrotterklärung a Saache Gewaltmonopol vun der Fonction Publique – en NO GO!

Zanter Jore setze mir eis als FGFC fir eng besser Koordinatioun, an och Aufgabeverdeelung, vun de Sécherheetsaufgaben am ëffentleche Raum an. Eng "never ending Story" an deem Kontext sinn d'Kompetenzerweiderunge vun den Agents municipaux, wou een Inneminister*in nom anere sech dorunner d'Zänn ausbäisst. Eis Gemengepatrone brauche konkret Sécherheetskompetenzen, mat deenen si d'Gemengereglementer iwwerwaache kënnen.

Mee domadder geet et net duer. Déi aktuell Entwécklung a Saachen Drogekonsum, an awer och aner Kriminalitéit, ass en allgemenge gesellschaftlechen Defi, dee mer och nëmmen zesummen ugoe kënnen. Duerch déi sech ukënnegent sozial Verwerfungen a Saache Covid19, och hei am Land, sollte mer hei schnell handelen.

Och wa mir d'Contraintë vun eise kommunale Patrone gesinn, ass d'Privatiséierung vun der ëffentlecher Sécherheet sécherlech dee falsche Wee! Mir ginn an der nächster Editioun vun eisem "Opgepasst" méi detailléiert op dës Problematik an.

Matgedeelt vum FGFC-Exekutivbüro
26. November 2020

<u>Kontakt :</u>

Marco THOME
FGFC President
M. +352 691 504 200